N°213
Entrée le 22.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2024

adr
Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Januar 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Logementsminister weiderzeleeden.

Vill Eenzelpersounen an och Stéit stinn aktuell beim Fonds de Logement op enger Waardeléscht.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Logementsminister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert wéi vill Eenzelpersounen insgesamt op der Waardeléscht vum Fonds de Logement stinn a wéi dës sech no Alter, Geschlecht an Nationalitéit opdeelen? Kann den Här Minister déi nämmlecht Informatiounen och fir d'Zesummesetzung vun de Stéit matdeelen?
2) Kann den Här Minister matdeelen, no wéi enge Krittären d'Leit an der aktueller Situatioun prioriséiert ginn a preziséieren, wéi den Ëmstand bewäert gëtt, wa Leit scho Joren oder Joerzéngten hei am Land wunnen an hei schaffen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung op d'parlamentaresch Fro n° 213 vum 22. Januar 2024 vum Här Deputéierten Fred Keup betreffend d'« liste d'attente du Fonds du Logement ».**

1) D'Waardeléscht vum Fonds du Logement fir Leit déi eng bezuelbar Mietwunneng sichen kann opgeschlësselt ginn no der Zesummesetzung vun de Stéit an dem Alter vun de Kandidaten.

   Dozou folgend zwou Tabellen :

| Zesummesetzung vum Stot | Unzuel vu Kandidaturen/ Dossieren | % |
|---|---|---|
| 1 Erwuessenen | 2.192 | 36,6 |
| 1 Erwuessenen + 1 Kand oder méi | 1.361 | 22,7 |
| 2 Erwuessener | 344 | 5,7 |
| 2 Erwuessener + 1 Kand oder méi | 2.029 | 33,8 |
| Aner Zesummensetzung* | 70 | 1,2 |
| **Total** | **5.996** | **100** |

*3 Erwuessener oder méi, 3 Erwuessener oder méi + 1 Kand oder méi
(Stand Enn Januar 2024)

Follgend Tabell illustréiert den Alter vun de Kandidaten op der Wardelescht

| Alter vum Haushaltsvirstand | Kandidaten | |
|---|---|---|
| | an Zuelen | % |
| 19-27 | 376 | 6,3 |
| 28-35 | 1.343 | 22,4 |
| 36-45 | 1.802 | 30,1 |
| 46-55 | 1.450 | 24,2 |
| 56-65 | 817 | 13,6 |
| 66 et plus | 208 | 3,5 |
| **Total** | **5.996** | **100** |

(Stand Enn Januar 2024)

Fir weider Detailer iwwert d'Waardeléscht vum Fonds du Logement wëll ech op d'Note 33[1] vum Observatoire de l'habitat verweisen.

[1] Note 33 : Qui sont les candidats à un logement en location abordable au Luxembourg?, Observatoire de l'habitat (2023), Säit 2

2) D'Attributioun vun de Wunnengen « tous public » gëtt bestëmmt duerch Gesetz[2].
Wann eng Wunneng attribuéiert gëtt mécht d'Commission consultative vum Fonds du Logement en Avis dozou.

Am Kader vun der Attributioun vun de Wunnenge gëtt den **Alter** considereíert, esouwäit e relevant ass fir d'Evaluatioun vun de Krittäre.

D'**Geschlecht** esou wéi och d'**Nationalitéit** si keng Krittäre bei der Attributioun vun de Wunnengen, dat aus Schutz vun de perséinlechen Donnéeë vun de Leit a fir Diskriminatioun ze verhënneren. Aus deem Grond dierf de Fonds du Logement och keng Statistik iwwert dës Krittäre féieren.

D'Dauer déi d'Kandidate schonn am Land wunnen oder schaffen si kee Krittär fir d'Attributioun vun enger Wunneng.

Lëtzebuerg, den 21/02/2024.
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch

[2] Loi du 7 août 2023 relative au logement abordable, insbesonnesch d'Artikelen 57 bis 59